Kontakt

Informatiounsblat vum Fieldgen No 10 Freides, den 1. Dezember 2017

AGENDA

Mercredi, 6.12.	dernier devoir pour les classes de 7es
Vendredi, 8.12.	9h55 - 11h35 : confessions volontaires 14h30 - conseils de classe
Samedi, 9.12.	11h00 - 18h00 : Chrëschtbasar
Lundi, 11.12.	8h00 - rattrapage 10h45 - messe de Noël (volontaire) 7es Bee Secure 14h30 - conseils de classe
Mardi, 12.12.	9h55-11h35 : Régence 11h35 - classes libres 13h00 - conseils de classe
Mercredi, 13.12.	8h00 - conseils de classe
Jeudi, 14.12.	8h00 - conseils de classe
14.12. - 15.12	7es Weekend
16.12. - 1.1.18 (inclus)	Vancances de Noël

Maacht mat bei eisem Adventskalenner-Emoji-Quiz!

Bis d'Chrëschtvakanz maache mir all Dag eng nei „Dier" vun eisem Adventskalenner (an der Vitrine virum CDI) op.
Wann der wësst, wéi eng Geschicht sech hannert den Emojis verstoppt, da kommt am CDI laanscht a fëllt en Ziedelchen mat der Äntwert an ärem Numm aus!
Wee bis den 13. Dezember déi meescht Bicher erroden huet, kritt vun eis scho säin éischte Chrëschtkado!

Advent 2017

Dëse Sonndeg fänkt den Advent un…

- D'Kalennerjoer dauert vum 1. Januar bis den 31. Dezember.
- D'Schouljoer vum 15. September bis den 15. Juli.
- D'Kierchejoer vum 1. Adventsonndeg bis zum Fest Christkönig.

Den Adventskalender (fräiwëlleg)

All Moien vun **7h45 bis 7h55** an der Kapell.

Start : Freideg, den 1. Dezember

D'Beichtgeleeënheet (fräiwëlleg)

An der Kapell, Freideg, den 8. Dezember

Am Prinzip:

- vun 9h55 bis 10h45 fir d'7en.
- vun 10h45 bis 11h35 fir all aner Klassen.

Well den 8. Dezember awer nach e Prüfungsdag ass, sollt dir iech fir d'Beichtgeleeënheet déi Stonn aussichen, déi iech am beschte geet.

Chrëschtmass

Méindes, den 11. Dezember um 10h45 : Chrëschtdagsmass an der Kapell

Die Klassen, die an dieser Messe teilnehmen möchten,
müssen sich bis zum 5. Dezember bei Frau Fröhlinger (D285) oder bei Herrn Weickmans (B142) anmelden.

De 7es Week-end zu Clairefontaine (fräiwëlleg)

Den 14. a 15. Dezember.
An enger flotter Atmosphär erliewe mer 2 Deeg mat Gespréicher an Diskussiounen, kreativen Elementer
a flotten Aktivitéiten, Spiller a Lidder, Momenter vu Stëllt a Rou…

E. Fröhlinger & R. Weickmans

Dem Fieldgen säi neie Pictogramm

Ecole privée fieldgen

Dir kennt all dem Fieldgen säi Logo.

Mir hunn äis un deem *Blat* iwwert dem Fieldgen sengem Numm inspiréiert, fir dorausser ee Pictogramm ze entwerfen.

Sou hu mer 2 Blieder gekräizt, fir dorausser ee Päiperlék *(Pimpampel)* ze maachen.

Firwat da just ee Päiperlék ?

Mee, esou wéi de Päiperlék aus enger *Popp* entsteet (*chrysalide* op franséisch) an duerch verschidde Stadie geet bis en zum Päiperléck gëtt, sou kommen eis Schüler op 7e als *Kanner* an d'Schoul a verloossen äis als *jonk erwuesse Mënschen* fir an d'Welt *erauszefléien* an hire Wee ze fannen.

Kuch verkafen

Dir gitt mat ärer Klass während der *Semaine Projets* op eng Rees oder een Ausfluch an wëllt bësse Suen erakréien?

Dann kënnt dir **Méindes** an der **10-Auer-Paus** Kuch verkafen.

Dir musst iech am Sekretariat bei der Mme Schaus an der Mme Schumacher mellen fir den Datum erauszesichen, wou der verkaaft.

Virun der Proffekonferenz fannt der lo eng Boîte fir d'Sekretariat.
Dir kënnt also lo är Ziedelen an des Boîte geheien!

Hoho!
De Kleeschen ass erëm do!

Hien huet eis geflüstert dass hien eng Surprise fir all déi brav an fläisseg Schüler huet.

Wou? Ënnert dem E-Gebai

Wéini? Den 6. Dezember an der 10-Auer Paus

WICHTEG! Bréngt all är Becheren an e puer Mënz mat!

GO, GO, GO!

Mir wënschen iech nach vill Courage bis d'Vakanz!

Chrëschtbasar
Samschdeg, 9. Dezember vun 11h - 18h